BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

Assemblée Générale Ordinaire

BONNIEVALE-PROJECT asbl

17 mars 2016
Däichhall, Ettelbrück

ORDRE DU JOUR

1. Allocution et mot de bienvenue du président
2. Listing des membres
3. Présentation du rapport d'activité par la secrétaire
4. Présentation du rapport financier par la trésorière
5. Rapport des réviseurs sur les comptes annuels
6. Décharge de la trésorière et du conseil d'administration
7. Désignation de réviseurs de comptes pour l'exercice 2016
8. Fixation de la Cotisation annuelle
9. Election des membres du conseil d'administration
10. Divers

1. Allocation et mot de bienvenu du président, M Fränz Faber

l'allocution est reproduite intégralement et en langue luxembourgeoise telle que présentée lors de l'AGO

Begréissung: Offiziell vu Geméng, déi eis zënter 2008 ënnerstëtzt, Fons Schmit, vun der Commission de la Coopération / CA Memberen / Nei aktiv Memberen / Supporter, Sponsoren an Donateuren / Vertrieder vu Press

Entschëllegt: CA-Trésorière Carole Faber ass krank, huet mir Procuratioun matginn / Laurence Glodt, kooptéierte Member, ass Chargée vum Budget Youth Development: huet wonnerbar Aarbecht gemaach, fir de Budget ze geréieren! Mir hätten total Problemer kritt wann hei d'Laurence net iwwerholl hätt! Ech maachen herno Präsentatioun dovun / Här Direkter Salentiny, Direkter vum AAH, eisen Partner fir d'ONG, warscheinlech packt Michèle Wolter et zäitlech och net, si ass nach net ukomm, och hier e ganz grousse Merci vun hei aus fir eng formidabel Aarbécht fir de Projet / eng Rei nei Memberen: Claire Huberty, Dr Françoise Pauly, Liz Klensch, Joëlle Wiseler. Excuséiert sinn och, an dir gesitt, datt si feelen, eis Grënner a past President Aly Zeimen, Nicole Zeimen, Yvonne Zeimen an Marc Hermes. Aly an Nicole sinn de Moment a Südafrika, si haten sech 10 Joer virgeholl,

BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

doraus sinn der 12 ginn. Ech kommen nach do drop zréck. Desweideren d'Häre Bauler Armand, Romain Schneider, Claude Halsdorf, Jean Hirt, d'Mme Mariechen Martiny, Presidentin Amicale 3ten Alter aus dem Daul, aus dem Daul och nach de Gilles Martiny.

2015 war fir eis e mouvementéiert a spannend Jor!

- dir hutt bal e komplett neien Conseil d'administration hei setzen / d'Grënner haten sech 10 Jor gesat an hunn no 12 Jor opgehal / de Marc an ech sinn d'Mohikaner déi vum Ufank un bei der asbl dobäi sinn / E ganz grousse MERCI un all déi ex Member: si hunn wahnsinneg vill an der Associatioun geschafft, ech kommen drop zréck.
- Den neien CA huet sech missen fräi schwammen, mir woussten villes net, awer mir wuessen, a mir wuessen gutt. Ech well och menger Nopesch, dem Agnès, Merci soen, wat als Sekretärin virun engem Joer dëse Posten iwwerholl huet, en immense Pensum schafft a mat vollem Asaz schafft. Hatt war an de Cours vum Cercle, grad sou wi d'Laurence och woussten si virun engem Joer nach net datt si sou vill fir de Projet schaffe géifen. Hinnen e grousse Merci dofir.
- Bonnie People a Südafrika hunn sech och reorganiséiert. Niki Louw ass neien Leader – dat hate mir an der läschter AG gesot. Niki ass e Glécksgréff. Wuel hei an do stur, awer gudd, gerecht an Zielsetzung ass déiselwecht déi mir och hunn. Si hunn eng gutt Organisatiounsstruktur: ECD (Early Childhood Center) (wou kléng Kanner betreit ginn) ass drëttbescht ginn vun allen ECD Centren vun der Groussregioun!! Niki huet Berenice agesat zanter Dezember als Léierin + ECD Principal: duerch Rotary Stipendium geet Bérénice ab Abrëll fir 2 Méint mat op en Austausch an USA / Cathy gouf als ASC (After School Care) Teacher genannt fir dem Christa ze hëllefen. / Theuns Coetzee, Architekt, neien Presi vum Bonnie People. Hieren Board schafft un de Pläng fir alt Gebäi komplett ëmzebauen.
- Hope View Youth Development mat Skills Center: ech hat et bei der AG 2015 virgestallt. Sollt März ulafen ... awer mir haten gudd geschafft a geréiert an Reserven vum Projet 1, grousse Merci dofir un d'Michèle Wolter vum AAH – duefir ass den neie Projet 2 Méint méi spéit ugaang, an si ginn déi 2 Méint méi laang ënnerstetzt vum Ministère. De Jugendprogramm ass ganz gudd ugelaf. Mat professionellen Experten: Atelieren am Holz, Konscht, Coiffeur an Esthétique, elo och Poterie an Schweesser-Aarbechten, Biogaardebau (Unesco Biosphere, Merci Mark Heistein fir d'Ënnerstëtzung!) / Jugend konnt hellefen bei Manifestatiounen zu Gonschten vum Projet: zu Robertson en Duck Race a Verkaf vun flotten Hitt organiséiert vu Bonnie People CA-Memberen – grad wéi eng Veloscourse zu Bonnievale!! Si organiséieren sech demno fir eegen Akommes ze fannen / Op kee Fall vergiesse mir de Ladies' Club, wou déi

BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

Dammen de Bitz-an Heekelvirus erwescht hunn – och ënnert der Leedung vum Steffi a Romy, wann si am August um Projet sinn. D'Dammen maachen och immens schéin Patchwork-Decken a bedeelegen sech un engem Patchwork Concours fir eng Decken fir an d'Guiness Buch/ Et sinn och 3-4 Meedercher souwäit fir finanziell Ennerstëtzung ze kréien doduerch datt mir eis un den Onkäschten fir Héichschoul bedeelegen.

- Direkt huet et näischt mam Projet zedinn, mee mir ënnerstëtzen finanziell d'Danielle, eng alléngerzéiend Wittfra, déi 4 Kanner an der Schoul zu Gansbaai huet.

Verbesserung an der Breed vun eiser Organisatioun:
Mir ginn an d'Breed a mir wellen méi mat aktive Membere schaffen. Déi mussen net ëmmer Zäit hunn, awer hei an do. Si entlaschten, ergänzen oder remplacéieren Memberen vum CA. ZB bei Eventer, Chrëschtmäert, Ouschtermaart am Préizerdall. Hei an do geet een e Chèque bei eng Organisatioun sichen an e Mëmber begleed. Bei méi Leit wuessen nei Iddien. Vläicht ass een oder aneren no enger Zeit souwäit a wellt am CA matschaffen: jidfereen ass wëllkomm. Mir fänken direkt mat dëser Philosophie un. Iwwer 2-3 Méint ass eng Extraordinaire Assemblée Générale, wou 2/3 vun de Memberen präsent sinn (oder per Prokura) fir den neien Statut, deen mir virdrunn virstellen, ze stëmmen. Den aktiven Member gëtt mat an äis Haftpflicht-Assurance gemeld. Hië kritt regelméisseg méi Info iwwer de Projet, an 2-3 mol am Jor ass eng Reunioun zesummen mam CA. Duefir sinn am Prinzip manner CA-Sitzungen.

Wiël vun den neie Memberen:
Vill vun iech hunn sech gemeld fir "Aktiven Member" vum Bonnievale Project zeginn. Am läschten CA hu mir iech, déi hei sidd oder entschëllegt huet, unanime ugeholl – dir huet all är Cotisatioun als Member bezuelt – an mir stëmmen elo an der Generalversammlung nach emol driwwer of. Ech liesen elo d'Nimm vun all den Neien Memberen fir, an da kann d'Generalversammlung de ganze Groupe vun de Kandidaten per Akklamatioun mat wielen. Wien no der Nennung vun den Nimm nach Froen huet, kann dat maachen iër mir wielen. Hei ass nach emol keng Wahl zum CA-Member, mais mol fir d'éischt zum aktiven Member. Ech schléissen an déi Wal och d'Laurence Glodt mat an, déi schonns duerch den CA als aktiven Member kooptéiert ginn ass, an awer och nach duerch d'Assemblée Générale geet.
Virliesen vun den Nimm an per Akklamatioun vun der AGO ugeholl. Dir sidd elo alleguer aktiv Memberen vum Bonnievale Project asbl an doduerch stëmmberechtegt. An dir kënnt iech sëlwer an de Comité – den CA – wielen loossen. Do komme mir nach wéi am Programm virgesinn, well et huet een vun iech sech fir an den CA gemeld.

Membres honoraires:
Mir haten ganz am Ufank vum läschte Jor, no den Demissiounen vum Grënnungspresident Aly Zeimen, vum Grënnungssekretär Marc Hermes, vum Grënnungsmember Nicole Zeimen-Schmitz, am CA si alleguer zu Membres honoraires – Eierememberen an hirem Amt, ernannt. Och dat welle mir lo an der Assemblée Générale ofstëmmen. A mir hunn am läschten CA decidéiert, fir och dem

BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

Aly seng Mamm, Yvonne Zeimen-Nicolai, zum Eieremember ze ernennen. D'Yvonne Zeimen ass wuel net Grënnungsmember, mee vun Ufank un dobäi, ëmmer am Asaz, bei all schwéngseschem Wieder mat um Stand, hier war näischt ze vill, keng Stonn ze frëi oder ze spéit, ass vill heesche gang, ëmmer uspriechbar fir iergendwou de Veräin mat representéieren ze goen, a mir wëllen och Si an enger gemeinsamer Decisioun Eiremember nennen. Dat heescht, di dräi, déi mir schonn ernannt hunn, och nach d'Yvonne Zeimen derbäi. Si alleguer hunn de gréissten Merite um Bonnievale-Project. Well ouni si géif dëse Projet net bestoen. Mir hu grousse Respekt fir alles wat si fir an um Projet gemaach hunn. Si hunn en mat vill Léift an Engagement opgebaut an zu deem gemaach, wat en haut ass. Mir dierfen en lo an dësem Sënn weiderféieren. Deemno och hei eng gemeinsam Decisioun duerch all Memberen: mir stëmmen den Aly Zeimen, président fondateur honoraire. Mir stëmmen de Marc Hermes, secrétaire fondateur honoraire. Mir stëmmen d'Nicole Zeimen-Schmitz, membre fondateur honoraire. Si dräi hun d'Associatioun gegrënnt. A mir stemmen d'Yvonne Zeimen-Nicolai, membre honoraire. Wann dir domat d'accord sidd, dann bieden ech iech ze applaudéieren. Décken Applaus!!

Eng laang Aféierung ass riwwer. Ech mengen awer datt et sou ganz flott an äis AG eran geet, an ech ginn elo d'Wuert virunn un äis Sekretärin, Agnès Schartz.

2. Listing des membres

26 nouveaux membres actifs ont été inscrits, dont 21 étaient présents, 4 ont été excusés, 1 non excusé.

3. Présentation du rapport d'acivité par la secrétaire

La secrétaire Agnès Schartz a présenté le rapport d'activité de l'année écoulée (AGO 2015 – AGO 2016) aux présents.

4. Présentation du rapport financier par la trésorière

La trésorière Carole Faber étant en congé de maladie, elle a donné procuration à Emile Glodt, membre du CA, à présenter le bilan de l'année écoulée.

5. Rapport des réviseurs sur les comptes annuels

Madame Josette Collé était empêché d'assister à l'AGO, elle a fait le rapport par écrit et Monsieur Jerry Hilgert, membre du CA, a présenté ce rapport de réviseur de caisse.

6. Décharge de la trésorière et du conseil d'administration

Après avoir entendu le rapport du réviseur des comptes, l'Assemblée donne décharge aux administrateurs et à la trésorière pour la gestion de l'exercice écoulée.

BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

7. Désignation de réviseurs de comptes pour l'exercice 2016

A l'appel de candidatures pour réviseurs de comptes, Mesdames Monique Weny et Marianne Schwartz-Everad, nouveaux membres, se sont manifestées et ont été admises par l'Assemblée.

8. Fixation de la cotisation annuelle

La cotisation annuelle a été fixée et reste inchangée à 10,00 €.

9. Election des membres du conseil d'administration

Nouvelle candidature:
Alain Sartorius

Le candidat a été élu a l'unanimité par l'AGO.

Composition du nouveau conseil d'administration:

FABER Fränz
SCHARTZ Agnès
FABER Carole
GLODT Emile
HILGERT Jerry
THILL Stéphanie
BADEN-LAZZARINI Romy
DALSCHEID Marc
SARTORIUS Alain

10. Divers

Agnès Schartz a brièvement présenté la suite du livre „dem Ayabonga säi Wee", notamment le musical au Trifolion à Echternach, les 9 et 10 juillet 2016, organisé par Millermoaler Schoul Echternach, en présence de Jason Kamfer et Christa Godfrey. BV-Project sera présent, avec d'autres organisations africaines, avec un stand de vente, le 9 juillet, sur la place devant le Trifolion.

Madame Arlette Hoffmann, employée à l'administration communale Préizerdaul et en charge de la Maison Relais Préizerdaul a présenté leur projet „Ayabonga", ayant pour but une fête africaine le 10 juin. Ici également, BV-Project aura un stand de vente.

Monsieur Alphonse Schmit, représentant du conseil communal d'Ettelbruck et président de la commission de coopération d'Ettelbruck, a adressé la parole à l'Assemblée.

BONNIEVALE-PROJECT association sans but lucratif
Adresse postale: Cité St Blaise, 2
L-9117 Schieren
Tel. +352 691 819034
info@bonnievale.com
www.bonnievale.org

Il a remercié tous les membres de l'association pour leur engagement et pour tout ce qu'ils ont fait pour les enfants qui ont vecu au bord d'une déponie. Une école a été construite, une cuisine, un bloc sanitaire, un jardin est exploité, ... beaucoup de travail a été réalisé. Vous vous êtes rendus sur place pour aider. C'est impressionnant que de si nombreux jeunes gens y vont pour aider. Un thème d'actualité: donner de l'espoir aux jeunes dans leur propre pays. Bonnievale-Project le fait à court terme sur place, à moyen terme pour l'école, à long terme pour leur donner une perspective, un avenir.
Merci aussi à la famille Zeimen et M. Hermes, qui ont lancé le projet, ensemble avec vous. Je vous souhaite beaucoup de joie et de succès avec votre noble tâche.

L'AGO a clôturé avait un verre de l'amitié et une agape.

Agnès Schartz-Weny
Secrétaire

Fränz Faber
Président